
# GEOPORTAIL.LU




FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE MARCHE POPULAIRE
FLMP
LUXEMBOURG

Pierre SCHOLTES
scholweb@pt.lu
23 63 90 19
691 12 02 72

# Wat ass de Geoportail.lu ?

(https://www.geoportail.lu)

Geoportail ass den nationale Lëtzebuerger Geoportail, eng offiziell staatlech Plattform déi zum Ziel huet fir Geodaten an doropper baséierend Produkter ze sammelen, beschreiwen, ze weisen an ze liwweren. De Geoportail ass vun der Administration du Cadastre et de la Topographie obgebaut ginn op enger Rei vun Basis-Pilieren: Kaarten -Online Shop – Katalog asw.

An dëser Formatioun befaassen ech mech ausschl. mat "Kaarten"

Ee primäert Ziel vu Geodaten ass et, fir Inhalter a Form vu Kaarten duerzestellen. Am Geoportal ginn et vill verschidden Kaarteportaler déi Honnerten vun Layeren proposéieren mat Inhalter déi vun topographeschen Hannergrondinformatiounen iwwert Kadaster, Ëmwelt, Waasser, Infrastruktur, Aménagement du territoire bis bei Tourismus an Landwirtschaft reechen. Vill interessant Funktiounen si virgesinn, wéi déi intelligent Sichfunktioun, den Drock-Assistent deen Ausdréck och a ganz grousse Formater erlabt, di einfach Navigatioun an der Kaart, Tooltips, Informatiounen iwwert Layeren, Metadaten, Duerchsiichtegkeet vun de Layeren, verschidde Koordinatesystemer, Permalinken, Zeechefunktiounen an och déi ganz populär mymaps-Functiounen mat denen een éige Kaarte mat perséinlechem Inhalt kann maachen an am Geoportal géréieren.

# Ech maachen de Geoportail op


Déi éischte Kéier loggen ech mech an ënner http:/map.geoportail.lu.

Ech kommen dann direkt op d'Kaart.

Duerno ginn ech op mäi Wunnuert/Favorit a copéieren de Link uewen an der Läischt op mäin Desktop oder awer besser nach a mäin Internet-Browser

https://map.geoportail.lu/theme/tourisme?version=3&zoom=16&X=671213&Y=6401396&lang=lb&layers=&opacities=&bgLayer=topogr_global

All Kéier wann ech dee Link aktivéieren kommen ech direkt an ouni Emwee op mäi Wunnuert/Favorit




# OPBAU VUM GEOPORTAIL - TOURISMUS

# Punkt 1

Ech gesinn a wéi engem Thema ech de Moment sinn.

Wann ech op déi Icone klicken, kann ech mäin Thema wiesselen

**Ganz wichteg : Fir d'FLMP schaffen ech nëmmen am Thema TOURISMUS an net mat LAYEREN !!!**

Am Katalog ginn et folgend Themen



# Punkt 2

Ech wiele meng Sprooch aus > am beschten LU

# Punkt 3

Fir am Geoportail kënnen ze zeechnen/schaffen muss ech mech aloggen




Am Fall, wou ech nach kee Benotzerkont hunn, muss ech mir een ufroen




# Punkt 4




# Punkt 5

Ech kann do eng Adress aginn an de Geoportail féiert mech direkt dohinn.

## Punkt 6

Vergréisserung (Zoom/in) oder Verklengerung (Zoom/out) vun der Kaart um Schiirm

## Punkt 7

Weist d'Groussregioun (Fit to extent)

## Punkt 8

Ech kann d'Vue vun der Kaart änneren




Déi nei Loftbiller si vu Juli/Agust 2019 a goufen den 02.12.2019 online gesat.
Och sinn elo d'Loftbiller vun der Groussregioun ëm Lëtzebuerg ze gesinn, wat bis elo net de Fall war.

# Punkt 9


Ech gesinn hei d'Unzuel an den Numm vu mengen aktive Layeren

Bei der Publikatioun vun engem Track FLMP solle w.e.g. keng Layeren aktiv sinn!!




Interessant ass et fir z.B. während der Juegdsaison beim Plange vun engem Track mäi Layer vun de Juegden ze aktivéieren.

Wann ech a "MyMaps" ginn, ginn ech gefrot op ech :




Wann ech d'Ännerungen iwwerhuelen, bleift de Layer esou laang aktiv a weidere Sessiounen op där betreffender Kaart, bis ech den active Layer erem ausschalten.

# Punkt 10

De Katalog kann een op- an zouklappen




Opgeklappte Wanderweeër



# Punkt 11

Op- an zoumaache vun de Layeren

# Punkt 12

Ech kann eng nei Kaart erstellen oder eng besteehend Kaart opmaachen



## eng Kaart opmaachen

Kaarten sichen | Filter: Katégorie▾ | Filter: Benutzernumm▾

Filter: Katégorie
Données saisies par les utilisateurs: Aucune catégorie
Données saisies par les utilisateurs: Autre
Données saisies par les utilisateurs: Randonnées
Données saisies par les utilisateurs: VTT

| Titel | Kate | | | |
|---|---|---|---|---|
| 20191210-BROUCH | Don utili | | | |
| 2019-FOOTING | Donnees saisies par les utilisateurs: Randonnées | scholtpi | 10/12/2019 - 16:08 | |
| 20191130-SURRE | Données saisies par les utilisateurs: Randonnées | scholtpi | 30/11/2019 - 18:57 | |
| PL-FOOTING | Données saisies par les utilisateurs: Aucune catégorie | scholtpi | 26/11/2019 - 19:39 | |
| 20191124-RIPPWEILER | Données saisies par les utilisateurs: Randonnées | scholtpi | 24/11/2019 - 15:00 | |
| 20191121-BETTENDORF | Données saisies par les utilisateurs: Randonnées | scholtpi | 21/11/2019 - 18:25 | |
| 20191116-NOERDANGE | Données saisies par les utilisateurs: Randonnées | scholtpi | 16/11/2019 - 15:16 | |
| 20191114-HEFFINGEN | Données saisies par les utilisateurs: Randonnées | scholtpi | 14/11/2019 - 17:19 | |
| PL-MTB | Données saisies par les utilisateurs: VTT | scholtpi | 09/11/2019 - 10:50 | |

Ech kann eng Kaart sichen - een Tri maachen op Kaart/Kategorie/leschten Update -

e Filter op eng Kategorie setzen –

eng Kaart läschen (Poubelle)

Kaart wierklech läschen?

Wëllt dir déi Kaart wierklech löschen: 20191124-RIPPWEILER

annuléieren Läschen

Eng nei Kaart erstellen

## Titel a Beschreiwung vun der Kaart

**Titel vun der Kaart**

YYYYMMDD-STARTPLAZ

☐ Ëffentlech Kaart

Wielt w.e.g. eng Kategorie aus▾

Données saisies par les utilisateurs: Autre

Données saisies par les utilisateurs: Points d'intérêts

Données saisies par les utilisateurs: Randonnées

Données saisies par les utilisateurs: VTT

Données saisies par les utilisateurs: Vélo

Annuléieren | Ännerunge späicheren

Titel fir e geplangten Tour : PL-Startplaz-Km-Starthéicht

**Beschreiwung**

Am beschten d'Kaart net ëffentlech maachen.

Duerno d'Ännerunge späicheren.

D'Kaart ass erstallt, mee et feelen d'Donneeën

En einfache Verglach fir des Aktioun ze verstoen:

dir hutt elo äert Haus gebaut, mee dir kënnt nach dra wunnen,

well nach kee Miwwel dra steet.

Dozou méi ënner Punkt 16

## Punkt 13

Informatiounen iwwer eng Positioun




## Punkt 14

Legende vun der Kaart

# Punkt 15

Routing maachen > Total oninteressant fir de Footing




# Punkt 16

**Zeechnen vun engem Track ( enger Linn)**

Beim Punkt 12 hat ech eng Kaart ( een Track ) erstallt, mee dat ouni Donneeën.

Ech maache meng Kaart (Punkt 12) op

Duerno gëtt dann eng Linn gezeechent.





Klickt fir unzefenken, eng Linn ze zeechnen

Maat een Duebel-Klickt fir ofzeschléissen


Dréckt ⌫ fir dee leschte Punkt ze annuléiren

Wielt d'Option "Stroossen nogoen" fir är Linn op den bestehende Stroossereseau unzepassen



Ech gesinn d'Längt vun der Streck an den Héichteprofil

Interessant : Mat der **Maus** iwwer de Profil oder Track > ech gesinn dann déi respektiv Héicht an Distanz





Esou laang, wéi den Track am **Editiounsmodus** ass, kann ech Punkte läschen oder beweegen.

Ech verloosen duerno den Editiounsmodus a blockéieren esou main Track.

Mat der **Lupp** zentréieren ech main Track op der Kaart.


Mam **Bläistëft** änneren ech den Numm ( de Geoportail nennt den Track automatesch Linn NN) an ech kann och eng Photo bäisetzen.

Mam **Pinsel** änneren ech de Stil vum Track




Mat der **Poubelle** läschen ech mäin Trajet op der Kaart.

Mam **Quadrat/Feil** stinn nach e puer Funktiounen zur Verfügung




Wa mäin Track fäerdeg ass, ass en och automatesch um Server vum Geoportail gespäichert.

Aus Sécherheet exportiéren ech mäin Track als GPX op e Répertoire op mengem eegene Computer, esou z.B. C:\FLMP\


**D'FLMP huet folgend Faarwen zréckbehale fir déi verschidde Parcoursen:**

| | |
|---|---|
| Kleng Streck: | orange |
| Mëttel Streck: | **blo** |
| Grouss Streck: | **rout** |
| Ganz grouss Streck : | **schwaarz** |

Et kann een och seng Tracken vun engem Joer op een eenzege Fichier zesumme bauen.

Ech erstellen een neien Track z.B. FLMP 2020 an importéiere meng GPX-Tracken aus dem C:\FLMP

Dat kéint dann esou ausgesinn :




Ech änneren d'Faarwen no Belieben.

Mat deenen 3 Stricher kann ech triéieren.

Ech hu beim Kadaster gefrot, datt bei all Track een Zousazhäische bäi soll kommen, wou een all Track kéint an- oder ausblenden: interessant fir d'FLMP, wou een da kéint seng verschidde Strecken an een eenzege Fichier setzen.

Genau ewél bei der Linn kann ech **Punkt + Beschréftung + Polygon + Krees**

zeechnen an de Stil änneren.

## Punkt 17

Et gëtt vill Méiglechkeeten





## Punkt 18

Den Ausdrock vu menger Kaart




# PRINTOUT HEICHTEPROFIL


Riets Maus am Firefox




Ech wielen aus a kopéieren



Ech maachen de “WORD” op an duerno PASTE



# Punkt 19

Ech schécken/deelen de Link via Mail u mäi Wanderkolleg.

http://g-o.lu/3/nClq

De Wanderkolleg mécht e Clic op de Link an hie kënnt direkt op **meng** Kaart.

Hie kann den Track kucken, exportéieren mee **NET** drop schaffen.

Wann hien dat wëll, muss hien ënner sengem Numm eng nei Kaart erstellen an den Track dohinner importéieren.

# Punkt 20


Ech kann eng Kaart späicheren

# Punkt 21

A = Vue op d'Kaart B = Himmelsrichtung

E = Kaart vergréisseren F = Kaart verklengeren

C = Vue néierleeën D = Vue opriichten G = Himmelsrichtung änneren



# Punkt 22

Wann dir an der App um Handy op de Feil klickt, kommt dir direkt op ären aktuelle Standpunkt.

Bei engem professionelle GPS-Gerät sidd dir souwiseou automatesch op ärer aktueller Positioun.

# Punkt 23

Genau ewéi Punkt 13

# MOBIL APP

**Geoportal Luxembourg** @geoportail_lu · Dec 24
[LB] Mir hunn elo just eis nei mobil Applikatioun veröffentlecht mat deier Dir topographesch Kaarten, Loftbiller, Kadasterparzellen a vill méi gesinn kënnt. Dir kënnt se hei fannen 🎅 :
- iOS: g-o.lu/ios
- Android: g-o.lu/android




geoportail.lu

**Administration du Cadastre et de la Topographie**
**Lifestyle**

PEGI 3

Installiert




Die mobile Mapping-Anwendung des nationalen Geoportal Luxemburgs der Katasterverwaltung und Topographie (ACT)

Diese App ermöglicht es Ihnen, topographische Karten, Luftbilder und Flurstücke sowie viele andere interessante Datensätze über Luxemburg auf Ihrem mobilen Gerät anzuzeigen

✓Ortssuche: Suchen Sie nach Orten anhand von Namen, Flurnamen, Flurstücken, Koordinaten etc...

✓ Wählen Sie aus mehr als 100 verschiedenen Layern aus(wie auf unserer Website verfügbar http://map.geoportal.lu)

✓Teilen Sie Ihre Karten

✓ Verwenden Sie Karten im Offline-Modus

!
Offline-Modus:
Wählen Sie einen bestimmten Bereich den Sie auf Ihr Gerät herunterladen möchten. Die aktiven Layer der ausgewählten Zone werden dann auch offline zur Verfügung stehen, z.B. beim Wandern in Gebieten ohne Netzabdeckung. Diese Funktion ist auch ideal, um unsere Karten via WLAN zu Hause herunterzuladen, ohne übermäßige Download-Kosten zu generieren oder Ihre Datenquote zu überschreiten
!

✓ Greifen sie auf qualitativ hochwertige Wanderpfade zu
✓Sehen Sie sich die Höhenprofile an
✓ Genießen Sie eine große Anzahl von anderen Funktionen
✓Erstellen Sie POIs auf der Karte (mit GPS, zum Beispiel Geocaching Koordinaten oder Inventare)

✓Exportieren Sie GPX / KML Dateien

HINWEIS: Die Nutzung von GPS im Hintergrund kann die Lebensdauer der Batterie drastisch verringern. Die fortgesetzte Nutzung von Karten im Online-Modus kann zu unerwarteten Kosten aufgrund des hohen Downloadverkehrs führen.

# Schlusswuert

All Leit déi sech beim Kadaster fir d'Newsletter ugemellt hunn, kréie regelméisseg déi neisten Informatiounen iwwer de Geoportail.

Dir fannt ënnen an der Läischt déi lescht Newsletter vum ACT







Iwwer Twitter https://twitter.com/geoportail_lu kënnt Dir lech och gär informéieren.

Wann Dir an Zukunft Hëllef braucht, stinn ech och gär zu ärer Verfügung

Merci fir är Opmierksamkeet.